



De Burcht

vun der Duelemer Musek

Är Invitatioun

Fréijors-Concert

e Samsdeg, den **26. Abrëll 2008**

vun tuten a bloesen...



...versti mir
am meeschten

piwa

musek piwa
39, rue Blochausen Tél.: 48 71 95
L-1243 Luxembourg Fax: 49 47 86

hj

JOS HEISBOURG

ENTREPRISE DE PEINTURE
PEINTURES DECORATIVES

tradition artisanale depuis 150 ans

14, uespelterwee I-5740 filsdorf
tél 23 66 82 89 fax 23 67 60 94



propr. Thein Frank

jeu de quilles
fermé lundi et mardi,
sauf jours fériés

1, Saangewee | L-5698 Welfrange
Tél.: 23 66 82 61 | Fax: 23 66 15 34

www.aschmatten.lu

ELECTRO VOLT AUTOMOBILE

s.à r.l.

Franco SORCINELLI

Spécialiste en électricité électronique
automobile

pièces de rechange pour toutes voitures et
camions

Montage, vente et entretien
Air Conditionné

9, rue Eugène Ruppert Tél. 49 12 19
Z.I. Gasperich dite Cloche d'Or Luxembourg

Blumen zu Fëlschdref am


Floristikatelier

D'**Jeanette Lobner** arrangéiert fir lech
Blummendekoratioune fir all Geléenheet.

Berodung am Geschäft oder iwwer:

Tel **23 66 73 63**

4, rue des 3 Cantons
L-5740 FILSDORF



Virops e

Wuert...

« **Een Jorhonnert Musek** » : Daat as de Numm vum dësjähregen Fréijorsconcert.

Dëst Thema hätt wiirklech besser gepasst an d'Jor 2001, wou d'Duelemer Musek säin 100. Gebuertsdag gefeiert huet. Mais 1° huet deemols keen dorunner geduecht fir ënnert deem Thema e Concert ze spillen an 2° as ët nie ze spët fir daat nees gutt ze machen.

Thema as also Musek aus dem 20. Jorhonnert, e wichtegt Jorhonnert och fir Musek - fir déi verschidden Genre an Richtungen vum Musek - well an deenen villen Jorhonnerten virdrun as näischt esou séier ëm d'Welt gaangen wéi am 20. Jorhonnert, wou d'Iwwermëttlungstechnik esou rasant Fortschrëtt gemaat huet an d'Saachen am Riesentempo ëm d'Welt gescheckt konnte gin - kuck Radio, Schallplatten, TV.

An haut geet ët mat Internet nach erem méi séier. Konnt sech soss eng Stilrichtung e puer Jor halen, sou wiesselt daat an der heiteger Zäit an galakteschem Tempo.

D'Duelemer Musek versicht mat engem flotten Programm déi verschidden Dekaden vum leschte Jorhonnert musikalesch ze vermëttelen, waat sech dann och ganz ofwiesslungsräich gestallt.

An der Mëtt vum dëser Nummer vum Buet fand Dir de genauen Oflaaf an Programm vum Concert.

Op der leschter Säit fand Dir, wéi gewinnt eng Reklamm an eegener Sach fir d'Buch « **Vu Ricciacus via Dalaheim op Duelem** ». Ongewinnt as dës Kéier de Präis vum Buch.

De Verkaafspräis louch bei 46 €. Vun elo un kascht d'Buch dann 40 € an fir dëst Fréijor hun mir eis nach eng speziell Aktioun ausgeduecht : Bestellt Dir zwee Bicher beieneen, dann bezuelt Dir nëmmen 50 € fir déi zwee Bicher.

Also nach eemol : 1 Buch fir 40 € an zwee Bicher fir 50 €.

Dës Aktioun gëllt nëmmen fir d'Fréijor 2008 – Avis aux Amateurs !!

Ech profitéieren bei dëser Geleeënheet fir eisem Member Sabine Barboni villmols Merci ze soen fir d'Redaktioun vum der Reih « D'Instrumentewelt ».

Dëst as schons déi 9. Ausgaab, wou d'Sabine regelmäseg versicht den Opbau an d'Fonctionnement vum deenen verschidden Instrumenter ze erklären, déi an eiser Musek gespillt gin.

Ganz besonnesch soen ech awer dem Sabine Merci fir den Layout vum dëser Zeidong. Säit ët de « Buet vum der Duelemer Musek » gët (Abrëll 1997) as d'Sabine zoustänneg fir déi professionell Gestaltung vum Buet an iwwerrascht all Joërs nees mat engem neien Cover.

Ech schléissen dës Säit mat enger Invitatioun un Iech fir de **Fréijors-Concert** vum der Fanfare Gemeng Duelem e Samschdeg, den **26. Abrëll 2008** um 20.00 Auer am Centre Culturel zu Duelem.

Wéi gewinnt steet dëse Concert ënnert der musikalescher Leedung vum Ivan Boumans.

D'Musikanten freeën sech méi wéi secher iwwert Aere Besuch an Dir kënn och nach den Télévie mat Aerem Don sur place ënnerstetzen.

Mir gesin eis

Robert Vandivinit
Präsident



**Jeannot & Roland
Promoteur**

PLAFONNAGE

FAÇADES

CHAPES

**8, Saangewee TEL.: 23 66 85 86
L-5698 Welfrange Fax: 23 67 69 19**

**COIFFURE
VANDIVINIT**

**28, rue de la Gare
L-5540 REMICH**

**DAMES / HOMMES
Tél. 26 66 04 72**

**Ma-Je 08.00-18.00
Ve 08.00-20.00 sur rendez-vous
Sa 07.30-16.00 sur rendez-vous**

restaurant
an der tourelle

Gaby & Jean-Marie Hemmen

**12, route du Vin
L-5450 Stadtbredimus**



**tél. +352 23 69 85 11
email: info@tourelle.lu
web: www.tourelle.lu**



**2, rue Sigismond
(vis-à-vis Fortis)
Bonnevoie/Luxembourg
Tél. : 29 12 22
www.pimpampel.lu**

PROLANA
Naturbettwaren

**Matratzen,
Bettdecken,
Baby-
accessoires**



**Naturkleider
aus
Biobaumwolle
und Bioseide**

**Bettwäsche
in vielen
Motiven
erhältlich**



Instrumente

Welt...

Mir kommen elo sou lues op en Enn mat eiser Instrumentewelt... opmannst emol waat déi "geblosen" Instrumenter ubelängt. Mir stellen lech dës Kéier daat lescht Blechinstrument vir, bei deem den Musikant immens grouss Longen muss hun, an zwar

de Bass

De Bass ass eigentlech eng Tuba, a war bei de Réimer en Blossinstrument aus Messeng oder Bronze. Et hat d'Form vun engem Laanggestreckten Rouer mat engem schmuelen Triichter (Schallbecher), sou ähnlech wéi eng Fanfare. Haut gehéiert d'Tuba zur Famill vun de Bügelen (Buet Nr. 17). Déi éischt Tuba gouf ëm 1835 zu Berlin entwéckelt. De Wilhelm Wieprecht an an de Carl Wilhelm Moritz kruuten an deem Joer d'Patent op eng Basstuba (a Fa gestëmmt) mat fënnef Ventiller.

Den Opbau a Klang

D'Tuba gët bei eis Bass genannt an ass daat déifst vun allen Blechinstrumenter. De Bass huet dräi bis sechs Ventiller a gët mat engem kesselförmegen Mondstéck gespillt (wéi de Bügel, d'Trompett, Euphonium...). Eng Kontrabasstuba huet auseneengediebelt, mat all séngen Ventilschläifen, eng Längt vun 966 Zentimeter; also baal 10 Meter!!! Den Triichter weist normalerweis no uewen. Beim spillen huet de Musikant de Bass wéinst sénger Gréisst, meeschtens op engem speziellen Stänner stoen.

D'Famill vum Bass

Et gin vill Arten vun Tuba. Basstuba, Kontrabasstuba, Duebeltuba (eng Kombinatioun aus Bass- an Kontrabasstuba), Helikon (ass em den Uwerkierper gewéckelt), Sousaphon (gët och em den Uwerkierper gewéckelt, mee den Triichter weist no vir), Bombardon (déif a kräfteg Basstuba), Euphonium a Bariton (Buet Nr. 20), Tornistertuba an Subkontrabasstuba.


Welt-Tuba-Dag

De Bass (Tuba) gouf oft als onnéideg ugesin. Den Tubist Joel Day huet foont dass enger Tuba nët den néidegen Respekt entgéint bruecht gët an huet dofir 1979 den Welt-Tuba-Dag aberuff. Sait 1982 gët dësen Dag dann och all éischte Freideg am März gefeiert.

Souvill zum leschte Blossinstrument aus eiser Rubrik "Instrumentewelt". Dir kënnt de Bass, eis imposantst Instrument, den 26. Abrëll 2008 op eisem Fréijorsconcert, gesin a musikalesch bewonneren.



Dreemt dir och vun engem
neie Buedzëmmer?.....




Dann rufft eis un, mir
këmmen eis drëm.


Mir sanéieren an reparéieren,
transforméieren an moderniséieren,
installéieren an montéieren
Buedzëmmer, an alles dat, wat nach
mat Waasser zedinn huet.

Dat ass eise Beruff zenter iwer
25 Joër schon.

sanitär-installationsbetrieb
raymond watgen



7, Lëtzebuergerstrooss
L-5741 Fëlschdrëf
Tel a Fax: 23 66 00 52
GSM: 021 196 748



PRÊT. IMPRIMEZ!

Vous avez la pression? Nous tenons vos délais d'impression! Dépliant
quadri, brochure, affiche... l'Imprimerie Schlime vous livre un travail
propre et soigné en un tournemain. Ne cherchez plus ailleurs.
Car chez Schlime, côté rapidité, vous serez impressionné!

AUSSITÔT DEMANDÉ, AUSSITÔT IMPRIMÉ.



IMPRIMERIE MIL SCHLIMÉ
S.à.r.l.

19, rue de l'Industrie - L-8069 Bertrange - Tél. 31 40 50-1 - Fax 31 40 50 60 - info@schlime.lu - www.schlime.lu

Ouvert tous les jours



Restaurant
Pizzeria-Hôtel

Bella Napoli

4, rue de Strasbourg
LUXEMBOURG-Gare

Téléphones: 49 33 67 (grande salle)

Fax: 49 33 54

Thélenhaff die besondere Adresse für Betriebsfeiern,
Konferenzen, Meetings bei kompletter Organisation
..... in privatem und natürlichem Ambiente

La Fermette - Thélenhaff
Welfrange (Mondorf)

Tél. 23 66 82 67 (matin) - Fax: 23 67 60 50

vous propose l'organisation complète de vos festivités
d'entreprise ou privées «à la carte» dans un cadre privé
et exclusif.

Salles pour groupes de 16 à 50 personnes.

Conférences - Banquets - Fêtes du personnel
Anniversaires - Fêtes de Noces - Soirées

AGENCE MONDORF-LES-BAINS

62, avenue François Clement L-5612 Mondorf-les-Bains

Tél.: 23 66 81 26 Fax: 23 66 15 21



Banque et Caisse d'Epargne de l'Etat, Luxembourg, établissement public autonome,
1, Place de Metz, L-2954 Luxembourg, R.C.S. Luxembourg B 30775, www.bcee.lu.

Bilan vum

Jor 2007

Den **28. Januar '08** hat d'Fanfare Gemeng Duelem op seng uerdentlech **Generalversammlung** invitéiert. Ganz gutt gefällt war de Museksall an den Präsident Arsène Marx konnt speziell d'Madame Buurgesmeeschter mam praktesch ganzem Gemengerot begrüissen, de Präsident vun der UGDA wéi och eng gutt Partie Représentanten vun de Veräiner aus der Gemeng an natiirlech waren och déi meescht Memberen präsent wéi och den Dirigent Ivan Boumans.

E Merci gouf un d'Adress vun den Musikanten, Dirigent, Comitésmemberen, Eirememberen, Sponsoren, Annonceuren an dëser Zeidong, Gemengeverwaltung an soss wichteg Leit geriicht fir déi finanziell an och moralesch Ënnerstëtzung vun der Fanfare Gemeng Duelem.

Schons am Laaf vum Jor hat den Arsène Marx seng Demissioun am Comité angereecht an op Wonsch vum Comité seng Chargen (Präsident an Caissier) weider ausgefouert bis zur heiteger Generalversammlung. Den Vize-Präsident Gino Barboni würdegte dem Arsène seng Verdengschter am Sënn vum Veräin während all deenen Joren an iwwerreecht e Cadeau als Merci.

De Sekretär Robert Vandivinit konnt iwwert 107 Aktivitéiten vum Veräin berichten, dovun alleng 68 Prouwen an 10 Concerten. Besonnesch soll do ervirgehewen gin déi gemeinsam Aarbecht mat der Greiweldenger Musek am Kader vum Kulturjor an domat verbonnen e Concert zu Duelem, Place d'Armes, am Cloef-Atrium zu Orscholz an zu Stadbriedemes.

De Moment zielt d'Fanfare Gemeng Duelem 32 Musikanten, 3 Comitésmemberen déi nët aktiv Musek spillen, en Eiere-Präsident an den Dirigent. 25 Kanner besichen d'Solfègecoursen an 18 Kanner léieren en Instrument an der Musekschoul. Garantiert gin d'Couren duerch 5 Chargés de Cours.

Eng gesond Finanzsituatioun konnt unschlëssend den Caissier Arsène Marx präsentéieren, déi sech haaptsächlech duerch e gutt Duerffest, Schampesfest an trei Frënn vun der Duelemer Musek addéiert. Voll Entlaaschtung kruut de Caissier duerch d'Kassenrevisoren garantiert.

De provesoresche Programm fir 2008 gouf virgedroen, wou besonnesch d'Participatioun um **Concours vun der UGDA den 04. Mai** ervirzesträichen as, de Bilan fir 2008 stong weiderhin um Programm an zum Schluss vun der Versammlung koumen nach den Dirigent Ivan Boumans, de Pater Jean Flies, de Präsident vun der UGDA Louis Karmeyer an d'Madame Buurgemeschter Marie-Ange Mousel-Schmit zu Wuert een d'Musek dunn op e Patt an geselleger Ronn invitéiert huet.

An der Generalversammlung selwer gouf den **Robert Vandivinit** eenstëmmeg vun den Memberen vun der Musek zum **neien Präsident** gewieilt. Säit 40 Jor as de Robert Vandivinit aktiven Musikant an der Duelemer Musek, gehéiert dem Comité säit 28 Jor un an erfëllt d'Charge vum Sekretär säit 20 Jor.

Anderéischter Comitéversammlung noder Generalversammlung goufend'Chargen innerhalb vum Comité festgeluecht: Präsident an Sekretär Robert Vandivinit, Vize-Präsident an Caissier Gino Barboni, Memberen Sabine Barboni, Louis Karmeyer, Théo Marx, Anibal Pinto an Fred Vandivinit. Eiere-Präsident as den Alphonse Vandivinit.

Chauffage Entringer s.à.r.l.

9, route de Remich
L-5698 Welfrange
Tél. 23 66 12 55
GSM 621 167 605

Boucherie Charcuterie Party-Service



REMICH

4, Place du Marché
Tel. 23 66 90 56 Fax: 23 69 76 94

MONDORF

2, rue St-Michel
Tel. 23 66 80 35 - Fax 23 66 80 35

SCHUTTRANGE

2, rue du Verger - Tel./Fax 26 70 14 57

Mir liwweren och heem !

Fréijors-Concert

"een Jorhonnert Musek"

E Samsdeg, den
26. Abrëll 2008
zu Duelem am Centre Culturel

Ufank 20.00 Auer
Entrée fräi

Duerch de Programm
féieren d'Musikanten

Quête zu Gonschten
vun Télémie



Musikalesch Leedung :
Ivan Boumans

lettrages
& peintures publicitaires

Langehegermann

sur camions, bus, semi-remorques,
camionnettes, voitures, panneaux,
vitres, façades, calicots . . .

peinture film adhésif impression digitale sérigraphie

ZARE EST 11 EHLERANGE Tél. 55 18 91



WACHT
BIJOUTERIE

9, RUE DE MACHER • REMICH • TEL 26 66 06 04

Aer Adress fir all Busrees



12-14, Z.A. Triangle Vert
L-5691 Ellange/Mondorf
Tél. 23668341-1



www.vandivinit.lu

Programm

1. Deel

The Sousa Scramble
John Philip Sousa (arr.: Paul Murtha)

Yankee Doodle Rag
Ted Huggens

The Floral Dance
Katie Moss (arr.: Willy Hautvast)

New York: 1927
Warren Barker

Comedian Harmonists in Concert
arr.: Vlad Kabec

Glenn Miller Medley
arr.: Naohiro Iwai

The Birth of Rock and Roll
arr.: Johnnie Vinson

2. Deel

The 60's Collection
arr.: Donald Furlano

Grease
arr.: Frank Bernaerts

Eighties Flashback
arr.: Paul Murtha

Tom Jones in Concert
arr.: Frank Bernaerts

Nothing Else Matters
Metallica (arr.: Frank Bernaerts)

The Best of Phil Collins
arr.: Frank Bernaerts

Café-Restaurant KOHN



*Spécialités luxembourgeoises
et françaises*

*Organisation de Banquets
jusqu'à 100 personnes*

*Menus et Manger uniquement
sur réservation - sauf plats campagnards*

Fermé lundi ou jeudi sauf pour banquets

12, rue Victor Hugo
L-5671 ALTWIES

Tél. 23 66 81 03
Fax 23 66 11 49

PremiumHeizöl Ecotherm Futur2 leistet mehr.

ALLE VORTEILE AUF EINEN BLICK

Schwefelfreies Heizöl 10 ppm

Bis zu 6-8% geringere Heizkosten

Niedrigere Betriebs- und Wartungskosten

Um bis zu 56% reduzierte Rußbildung

Geeignet für aktuelle und neue Brenntechnologien

Wesentlich erhöhte Betriebssicherheit

Optimierte Verbrennung

Besonders umweltverträglich

Schroeder

T: 23.66.29-1

1, rue Pierre d'Aspelt L-5710 Aspelt - E-Mail: info@mazout4you.lu

nouveau catalogue !

chapier sàrl fête ses 25 ans
et vous présente
son nouveau catalogue !
Venez vite le chercher...



nouveau showroom !

et profitez-en
pour visiter
le nouveau
showroom
chapier office !



meublier de bureau
CHAPIERoffice

chapier sàrl
tél +352 37 08 40 • fax +352 37 08 20
chapier@chapier.lu

chapier office s.a.
tél +352 37 18 40 • fax +352 37 18 38
info@chapieroffice.com

Zone industrielle Am Brill, rue des Trois Cantons, L-3961 Ehlang/Mess - boîte postale 8, L-3901 Mondercange.



Brasserie MOUSEL'S Cantine

46, Montée de Clausen
L-1343 LUXEMBOURG
Téléphone 47 01 98
Fax 22 47 66 / 23 67 62 97
Moussel's Cantine s.à r.l.

Spécialités locales et régionales

Fermé le samedi midi et le dimanche

PIZZERIA - RESTAURANT "Scaramouche"

7, route de Remich - L-5423 Ersange
Luxembourg
Tél. 35 66 75



7, route de Remich Tél. 35 66 75 L-5423 Ersange

Nouvelle Auto-Ecole Fernand Weber

Cours théoriques
lundi et jeudi de 19h00 à 21h00

Inscriptions pendant les cours

39, Résidence Maachergaass

REMICH

Tél. 23 66 42 23

GSM 621 135 409

Aales &

Neies



Audition des élèves

25 Schüler sin angeschriwwen fir d'Solfègecoursen an der Musekschoul zu Duelem an 18 jonk Leit gin vun 5 Chargés de Cours instruéiert beim Léieren vun engem Musekinstrument. Dat vill an effektiv geschafft gët, daat huet sech nees gewisen bei der Audition des élèves e Freideg, den 14. März 08.

D'Solfègeklassen vun der Mme Monique Sturm konnten de Publique mat zwee schmassegn Lidder begeeschteren, ënnerstëtzt gouf d'Präsentatioun duerch Perkussiounsinstrumenter.

Déi verschidden Instrumentalisten konnten durch hirt Können iwwerzeegen an ët konnt een spieren, dat sie voller Begeeschterung an Freed hirt Instrument spillen.

Sou war ët nët verwonnerlech, dat d'Zäit ewéi am Fluch verstrach as an ët hätt nach kënnen wieder goen.

De Chargés de Cours Monique Sturm (Solfège), Jacques Poppe (Flûte traversière), Carl van Speybroeck (Klarinett), Freddie Schmitz (Saxophone), Mariette Simon-Clemens (Blech) an Sven Kiefer (Perkussioun) sief e grouse Merci gesoot fir déi vill Aarbecht.

D'Schüler Laurie Balès, Louise Bastin, Jack Fiedler, Annemarie Durkstra, Yannick Koch, Laura Molitor, Julia Reinertz, Julie Steichen, Eve Bivoret, Ilma Frljuckic, Maurice Girres, Laurie Girres, Tammy Heber, Noémie Hiltgen, Pia Karmeyer, Noah Karmeyer, Ben Mathes, Jil Wenner, Caroline Gomes da Silva, Nicolas Lim-Pereira, Sébastien Meyers, Sébastien Peltre, Alex Bernard, Tom Reger, Marielle Kaufmann, Judith Meiers, Manon Feltgen an Mireille Kotto siefen félicitéiert fir deen flotten Hobby, deen sie sech erausgesicht hun.

Nët ze vergiessen bleiwen d'Elteren, déi hir Kanner bei der Ausübung vun hirem Hobby voll ënnerstëtzen an sie encouragéieren duerch hir Präsenz bei der Auditioun.

Zum Ofschluss vun der Auditioun huet d'Madame Buurgemeeschter op den Eierewäin invitéiert an ët blouf Zäit fir perséinlech Gespréicher.

Solistenconcert

Fir drëtze Kéier schons konnt d'Duelemer Musek op säin Solistenconcert invitéieren. Herrleche Kader fir dese Concert war och dëst Jor d'Poarkirch vun Duelem.

E flotte Programm war vum Ivan Boumans zusammengestallt gin an d'Solisten aus der Duelemer Musek hun mat Bravour dës Aufgaab bewältigt, mat der voller Ennerstëtzung vun den Musekskolleegen.

Als Solisten sin op dësem Owend opgetrueden: Judith Meiers, Klarinett (You've Got a Friend in Me); Xenia Mangerich, Flütt an Robert Vandivinit, Euphonium (Grandfather's Clock); Ben Seil, Trompett (Sonate en Sib); Sabine Barboni, Chad Vandivinit an Charel Vandivinit, Perkussioun (The Three Drummers); Marielle Kaufmann, Klarinett (The Pink Panther); Leroy Vandivinit, Bugle (En Aranjuez Con Tu Amor).



Mireille Wagner & Yaël Fregier



Horsmans & Rosati
Bech-Kleinmacher

Tél.: (+352) 34 60 77-1
Fax: (+352) 23 60 77-50

www.h-r.lu

LOCATIOUN VUN EISEM FESTZELT


Gären verlount d'Fanfare Gemeng Duelem
säin Zelt un Veräiner, Organisatiounen
oder privaat Persounen.

Dimensiounen vum Zelt: 6 x 15 m
(Sätzplaaz fir iwer 100 Persounen)

Präis: 400 € (pro Weekend)

Eng Equipe vun der Musek bréngt d'Zelt
op d'Plaaz an bekëmmert sech och
ëm d'Opriiten an d'Ofrappen.

Informatiounen iwwert
Tél. 23 66 04 71 (Gino Barboni)
oder 23 66 12 81 (Robert Vandivinit)



**MAISON FREIS
DÉPOSITAIRE**

Freis Patrick
25, Wénkelhiel
L-5680 Dalheim

GSM: 061 62 19 08
Téléphone: 26 67 27 20
Fax: 26 67 27 22
Messagerie: pfreis@pt.lu

*Maison
fondée en 1969*

Pour toutes les manifestations,
(commerciales, vie associative, ou bien vie
privée) nous vous proposons une large
gamme d'accessoires tels que:

- Roulotte
- Pavillons de vente
- Installation de débit
- Frigos
- Verrres (en plastique ou en verre)
- Remorque frigo
- Tables et bancs

Duerffest *bei eis doheim*

3-Natioune-Buffer
(à discrétion)
um 12.30 Auer

Concert'en
vun 14.30 Auer un
Fielser Musek

Béierschwemm

Schampesstand

Grillspezialitéiten

Sonndes, den

15. Juni 2008
am Centre Culturel
an op der Gemengeplaaz
zu Duelem

Org.: Fanfare Gemeng Duelem

Aales &

Neies

Suite...

Weiderhin stongen nach Wierker vum Bach (Jesus bleibet meine Freude), Jacob de Haan (Ammerland) an Händel (Hallelujah Chorus) um Programm.

Och dëst Jor war ët fir d'Musek eng grouss Freed vokal Solisten unzekënnegen an d'Musikanten waren houffreg d'Mireille Wagner an den Yaël Fregier duerch d'Wierk Là Ci Darem La Mano vum Mozart ze begleeden. Old American Songs vum Aaron Copland, ausdröcksvoll vum Yaël Fregier virgedroen an musika-lesch ënnerstetzt vun de Musikanten, as begeeschtert vum Publikum opgehol ginn. An zu gudder Lescht konnt d'Mireille Wagner mat waarmer Stëmm an begleet op der Uergel vum Fabian Radoux de Pie Jésus aus dem Requiem vum Gabriel Fauré virdroen.

D'Leit, déi de Wee an d'Kiirch fond hun fir dës Concert ze lauschteren, waren voll des Luefs an generéis vis-à-vis vun Télévie.

Concours

1994 huet d'Duelemer Musek fir d'leschte Kéier un engem Concours vun der UGDA deel geholl an daat zu Suessem ënnert der Directioun vum Fernand Gallo. Gespillt goufen deemols den Oregon vum Jacob de Haan an den Canzoni vum Jan Hadermann, klasséieren konnten mir eis an d'1. Divisioun.

No 14 Jor stelle mir eis dann nees engem Concours an daat e Sonndeg, den 04. Mai zu Bartreng am Auditorium vun der Ecole de Musique. Um 10 Auer 30 musse mir eis der Jury stellen an hun 30 Minutten Zäit fir dës vun eis ze iwwerzechen.

Mir versichen daat mam Pflichtsteck Voyage With the VOC vum William Vean an mat zwee Wierker déi mir selwer proposéiert hun, Diogenes vum Jacob de Haan an Green Hills Fantasy vum Thomas Doss. Bonne Chance!!



Gruppefoto 1994



中華飯店
ZHONG HUA
CAFÉ - RESTAURANT CHINOIS

5530 REMICH
15, RUE DE L'ÉGLISE

TÉL 23 69 82 02
Grand-Duché de Luxembourg

OPTIQUE
Mondorf

s.à.r.l.



LUNETTERIE - OPTOMETRIE
CONTACTOLOGIE

V. ET C. BINTNER

Opticiennes-Optimétristes Dipl.
L-5610 Mondorf-les Bains
2, avenue des Bains • Téléphone 23 66 13 10



SUCC. OLIVEIRA & JUSTO

De Dietrich  **Brandt**
LES NOUVEAUX OBJETS DE VALEUR

Installations électriques
Vente électroménager – Service après-vente

Lu-Ve 8-12 13:30-17:30 / Sa 9-12
13, route de Luxembourg - L-5551 REMICH
☎ 26 70 80 - Fax : 23 69 71 69 – ebauer@pt.lu



LOHENGRIN
R E S T A U R A N T

LucienHoudremont@Saint-Nicolas.lu
T+352 26663 M691.130.140 F 2666.3666
31 Esplanade L - 5533 Remich

Schampesfest

den 26. + 27. Juli 2008

beim Behälter
zu Duelem
(Dräikantongsstrooss)

déi 2 Deeg iwwer:
Scampis am Knuewelek gebroot
Pouletsfliichten
... an alles ronderem de Schampes

Samschdes owes
vun 20.00 Auer un:

Danzmusek

Sonndes muerges schons
Apéritif an Mëttegiessen

An eegener Saach:

d'Buch

Vu Ricciacus, via Dalahem op Duelem

Bestellt Aert Buch iwwert d'Geschicht vun Duelem • vun der Réimerzäit • iwwert d'Mëttelalter • déi lescht 100 Jor méi genau ënnert d'Lupp geholl bis haut • erausgin 2001 vun der Fanfare Gemeng Duelem bei Geleeënheet vun der 100-Jor-Feier, iwwert Tél. 23660471 (Gino Barboni) oder Tél. 23661281 (Robert Vandivinit) oder duerch Iwwerweisung vun 40 Euro op een vun de folgend Konten vun der Fanfare de la Commune de Dalheim mam Vermierk „Buch 100 Jor“.

CCPL IBAN LU29 1111 0327 6071 0000 • BCEE IBAN LU62 0019 1300 3279 1000

Hei en Auszuch aus dem Buch
(488 Säiten – 398 Fotoën):

1920

• Im Jahre 1893 hatten die Franziskanerinnen von Luxemburg Fischmarkt das Anwesen der Familie Majerus-Dupaix käuflich erworben und eine Niederlassung in Dalheim gegründet. (Notar Louis Majerus, verheiratet mit Maria Dupaix aus Frisingen kam um 1856 in den Besitz dieses Hauses.)

Während 27 Jahren hatten die Töchter des heiligen Franziskus im Dienste der kranken und der armen Kinder des Guten viel bei uns bewirkt. Angeblich wegen Mangel an Schwestern wurde die Niederlassung von Luxemburg aus aufgehoben. Mit großem Bedauern sah die Gemeinde die Schwestern scheiden, wohl auf nimmer Wiedersehen.

Im Herbst 1920 wurde das Ganze, zwei große Häuser mit zwei prächtigen Gärten, zu einem minimalen Preise versteigert.

• 15. Mai: erste Pferdeausstellung vor dem Hotel Linster-Hoss organisiert durch die Société d'Elevage du Cheval de Trait Belge zwecks Eintragung ins Stud Book.

• Am 16. Mai fand die Fahnenweihe des Turnvereins Dalheim statt.



Fréijors-Promo

Een Buch fir 40 € an
zwee Bicher fir
nëmmen **50 €**



E grouesse Mierä

un d'Annonceuren an dëser Zeidong. Ouni hir finanziell Ënnerstëtzung wär ët nët méiglech dëse Périodique erauszebréngen. Liest a mierkt Iech d'Annonceuren an dëser Zeidong a maacht och sie zou Ärem Partner.

Fanfare de la Commune de Dalheim a.s.b.l. • 1901 gegrënnt

Adress: 15, Munnerëferstrooss • L-5741 Filsdorf

Cover a Layout: Sabine Barboni

Redaktioun: Robert Vandivinit

De Buet
21

Oplo: 1100